



# DEBUET

BULLETIN D'INFORMATION  
MAI - JUIN 2024

DONDELANGE | KEHLEN | KEISPELT | MEISPELT | NOSPELT | OLM



# VIROWEND NATIONALFEIERDAG SAMSDES, DEN 22. JUNI 2024



SAVE  
THE  
DATE

© Maison du Grand-Duc / Sophie Margue



D'Gemeng Kielen huet dëst Joer déi besonnesch Éier de Grand-Duc an d'Grande-Duchesse zu Kielen z'empfänken.

Mir invitéieren all d'Bierger un de Feierlechkeeten um Virowend vum Nationalfeierdag den 22. Juni deelzehuelen.



# SOMMAIRE

**4-5**

*Édito*

**6-13**

*Dossier*



**14-17**

*Interview  
Maryse Frantzen*



**18-21**

*Vie associative*



**22-25**

*Contenu externe:  
Klima-Bündnis Permaculture  
Klima Agence  
SICONA*

**26-27**

*Communication  
Commune de Kehlen*

**28-29**



**31**

*Information*

**32-33**

*Événements*

**34-40**

*Conseil communal*



**42-43**

*Avis au public*

**44-54**

*Rétrospective*



**56-58**

*Numéros utiles*

Photo couverture © Shutterstock

## IMPRESSUM

« Buet » est un bimestriel édité par la Commune de Kehlen.

15, rue de Mamer  
L-8280 Kehlen

**Tél.:** (+352) 30 91 91 1  
**Web:** [www.kehlen.lu](http://www.kehlen.lu)  
**E-mail:** [buet@kehlen.lu](mailto:buet@kehlen.lu)

**Comité de rédaction:**  
Commune de Kehlen, Fred Baus

**Concept et réalisation:**  
[www.reperes.lu](http://www.reperes.lu)

**Tirage:** 2800 exemplaires  
**Impression:** Imprimerie Lorgé



# ZESUMME SPUEREN!

**S**äit der Pandemie huet sech sou munches geännert an eisem Liewen. D'Leit si méi genügsam ginn a freeën sech erëm un der Gesellschaft deelzehuelen. Villes wat virun e puer Joer normal geschéngt huet, kënnen mir haut vill méi schätzen. Villes ass méi deier ginn, Zënsen si geklommen, de Waasserpräis ass erop gaang an d'Energiekäscht ginn och an d'Luucht. Et héiert een ëmmer méi Awunner kloen a jidderee passt op wat mam Geld gemaach gëtt. D'Leit si méi sensibel ginn an iwweeleeë méi wou si Geld ausginn a wéi si de Mount op en Enn bréngen.

Deementspriedend muss och bei der Gemeng opgepasst gi wat mam Budget ëmgesat gëtt. Eis Gemeng wüsst a wüsst. Net nëmmen datt méi Haiser oder Appartementer bäikommen, mee mir brauche méi Crèche, Schoulen, Sportinfrastrukturen asw.

Dëst kascht vill Geld a mat de Präishaussé gëtt et fir d'Gemeng méi schwéier alles ze finanzéieren. Virun e puer Joer huet de Schäfferot e Finanzservice an d'Liewe geruff deen him dann och ëmmer nees déi neisten Zuelen op den Dësch leet. Doropshin hunn si en Appell un hir Servicer gemaach fir ze kucke wou Spuermoosname kënnen ëmgesat ginn, och wann se munchmol nëmme kleng sinn.

Bei wuessender Awunnerzuel, kommen och ëmmer méi sozial Erausforderungen op d'Gemeng zou. Och de Kommissiounen, déi e Budget vun der Gemeng kréien, ass dat bewosst.

Dofir huet d'Familljen- a Chancëgläichheetskommis-sioun op hirem Trëppeltour am Kader vum Internationale Fraendag op de Kaddo an de Geméiskuerf verzicht. All Kommissiounsmembere waren domat averstanen, och wann et nëmmen eng Drëps op de waarme Steen ass, gouf et vun de Participantë begrüsst.



Foto Marc Maas

Donieft gëtt och d'Zesummenaarbecht tëscht de Gemengen ëmmer méi wichteg an sou si mir frou wa mir heiansdo op d'Hëllef vun eisen Nopeschgemengen zrëckgräife kënnen.

D'Schwämm op Elmen ka réischt an e puer Joer gebaut ginn a bis dohin hoffe mir op d'Hëllef vun eisen Nopeschgemengen, fir datt d'Kielener Schoulkanner kënnen schwamme léieren.

Vill kléng Schrëtt maachen och grouss Spréng.

„Zesummen si mir staark“, dëst kritt ëmmer méi Gewiicht tëscht den Awunner an och den Nopeschgemengen.

Claudine MEYER  
Gemeengeconseillère

# ENSEMBLE, SOYONS PLUS ÉCONOMES

**D**epuis la pandémie, de nombreux changements ont eu lieu dans nos vies. Les gens sont devenus plus frugaux et se réjouissent de participer à nouveau à la vie sociale. Aujourd'hui, nous apprécions d'autant plus certaines choses que nous avons prises pour acquises il y a quelques années à peine. De nombreux produits ont vu leurs prix augmenter, les taux d'intérêt ont grimpé, le coût de l'eau a augmenté et les frais énergétiques sont également en hausse. L'on entend de plus en plus de gens se plaindre et chacun fait attention à la manière de gérer l'argent. Les gens sont devenus plus vigilants et réfléchissent à la manière dont ils dépensent leur argent et comment boucler leurs fins de mois.

La commune doit, elle aussi, faire attention à la manière dont le budget est mis en œuvre. Notre commune ne cesse de croître. Conjointement au nombre croissant de maisons et d'appartements, nous avons besoin davantage de crèches, d'écoles et d'infrastructures sportives.

Tout cela représente des coûts importants et en raison de la hausse des prix, il devient plus difficile, pour la commune, de tout financer. Il y a quelques années, le collègue échevinal a créé un service des finances qui lui fournit régulièrement les chiffres les plus récents. Il a ensuite adressé un appel aux services communaux pour voir comment des mesures d'économie peuvent être réalisées, aussi minimales soient-elles.

Pour la commune, l'évolution démographique s'accompagne d'un accroissement des défis sociaux. Les commissions qui reçoivent un budget de la commune en sont conscientes.

C'est pourquoi la commission de la famille et de l'égalité des chances a renoncé, dans le cadre de la marche organisée à l'occasion de la Journée internationale de la Femme, au cadeau et au panier de légumes. Tous les membres de la commission étaient d'accord, même s'il ne s'agit que d'une goutte d'eau dans l'océan, et les participants ont salué ce renoncement.

En parallèle, la coopération entre les communes gagne en importance et nous sommes heureux de pouvoir compter sur l'aide de nos communes voisines.

La construction de la piscine à Elmen ne pourra se concrétiser que dans quelques années et nous espérons pouvoir compter sur l'aide de nos communes limitrophes pour que les enfants de Kehlen puissent apprendre à nager.

Les petits ruisseaux font les grandes rivières.

« Ensemble, nous sommes plus forts », c'est un message qui prend de plus en plus de sens au sein de la population, y compris dans les communes avoisinantes.

Claudine MEYER  
Conseillère communale

# MARC BISSEN: EN ENGAGÉIERTE PRESIDENT FIR D'NATUR

Rédaction Jeanne Adam Photos SICONA

Säit Oktober 2023 ass de Marc Bissen neie President vum SICONA Sud-Ouest. Eng gutt Occasioun fir eis mam Kielener Schaffen ze ënnerhalen.



Den neie President Marc BISSEN, ass zanter 2010 Verrieder vun der Gemeng Kielen am SICONA

**Här Bissen, Dir sidd am Oktober 2023 President vum SICONA Sud-Ouest ginn. Wéi koum et dozou?**

**Marc Bissen:** De SICONA Sud-Ouest huet 21 Membersgemengen (grad ewéi de SICONA-Centre). No de Gemengewalen 2023 huet all Gemeng iwwert hire Gemengerot een Delegéierten an de Comité vum SICONA genannt. Do kann da jiddereen sech fir ee Posten am Exekutivbüro mellen. De 26. Oktober 2023 huet de grouse Comité decidéiert, wéi sech dee Büro zesummesetzt. Ech war Kandidat fir d'Presidentschaft a si vum Comité op déi Funktioun gewielt ginn.

**Dir sidd also als Kielener Schäfte President vun engem grouse Syndikat ginn, wou och vill grouss Südgemenge Member sinn, dat ass jo och schonn eng Leeschtung!**

**Marc Bissen:** Jo, am SICONA sinn all déi grouss Südgemengen, ausser Esch, Member. Et gétt allerdéngs e puer gutt Argumenter fir e Kielener President: Dat administratiivt Gebai vum SICONA ass zu Ollem an den Atelier vun den Aarbechter zu Kielen. Dat huet mech motivéiert, déi Presidentschaft unzestriewen. Ech si säit 2010 de Verrieder vun eiser Gemeng am SICONA a säit 2021 am Bureau. Ech sinn een Ollemer a wunnen elo zu Kielen, ech hat also scho laang d'Entwécklung vum Naturschutzsyndikat am Bléck. An ech hu mech schonn ëmmer fir den Naturschutz

interesséiert. Ech sinn der Meenung, dass Naturschutz net ouni d'Landwirtschaft geet. An dat ass genee dat, wat de SICONA mécht a wou ech och derhannert stinn: Synergien ze fannen tëschent Landwirtschaft an Naturschutz.



Wat d'Beem méi al an engem Bongert sinn, wat se méi en ökologesche Wäert hunn

# MARC BISSEN : UN PRÉSIDENT ENGAGÉ POUR LA NATURE



Marc Bissen est le nouveau président du syndicat SICONA Sud-Ouest depuis octobre 2023. Une bonne occasion de s'échanger avec l'échevin de Kehlen.

*Monsieur Bissen, en octobre 2023, vous avez été élu président du syndicat SICONA Sud-Ouest. Comment est-ce que cela s'est passé ?*

**Marc Bissen :** Le syndicat SICONA Sud-Ouest compte 21 communes membres (tout comme le syndicat SICONA Centre). Après les élections communales de 2023, les conseils communaux des communes membres ont élu chacun un délégué pour le comité du SICONA. Chacun peut présenter sa candidature pour un poste au bureau exécutif. Le 26 octobre, le grand comité a décidé de la composition du bureau. Je m'étais porté candidat au poste de président et le comité m'a élu pour exercer cette fonction.

*En votre qualité d'échevin de Kehlen, vous êtes président d'un grand syndicat, dont sont membres de grandes communes du Sud. C'est déjà un petit exploit, n'est-ce pas ?*

**Marc Bissen :** Oui, toutes les grandes communes du sud, sauf Esch-Alzette, sont membres du syndicat SICONA Sud-Ouest. Il existe plusieurs bons arguments pour élire un président de Kehlen : le bâtiment administratif du syndicat

SICONA se trouve à Olm et l'atelier est à Kehlen. Cela m'a encouragé à me porter candidat à ce poste. Depuis 2010, je suis le représentant de notre commune auprès du syndicat SICONA et, depuis 2021, je suis membre du Bureau. Je suis originaire d'Olm et j'habite maintenant à Kehlen, j'ai donc pu observer l'évolution du syndicat SICONA Sud-Ouest sur la durée. Et je me suis toujours intéressé à la protection de la nature. J'estime que la protection de la nature doit se faire main dans la main avec l'agriculture. Et c'est justement ce que fait le syndicat SICONA et ce que je défends : créer des synergies entre l'agriculture et la protection de la nature.

*Comment le syndicat est-il né et dans quels domaines intervient-il ?*

**Marc Bissen :** Le SICONA s'articule autour de quatre grands piliers. Le volet scientifique, qui recueille beaucoup de données, analyse la faune et la flore et assure le suivi. Et puis, il y a l'unité de la planification, qui élabore des plans concrets avec les communes, les agriculteurs ou des particuliers, négocie des contrats, établit des conventions. La mise en œuvre des projets est assurée par les personnes affectées à l'atelier : les activités sur le terrain, l'entretien des haies, planter, nettoyer, renaturer. Le SICONA comprend aussi un département pédagogique qui réalise plus de 1000 activités de sensibilisation à la protection de la nature avec les écoles, les maisons relais, les maisons de jeunes.



*De SICONA ass een unerkannten Expert  
hei am Land gi fir all Froen,  
déi den Naturschutz betreffen*

**Wéi ass de SICONA entstanen an a wéi enge Beräicher ass en aktiv?**

**Marc Bissen:** De SICONA huet véier grouss Piliere: De wëssenschaftlechen Deel, wou vill Date gesammelt ginn, Flora a Fauna analyséiert ginn, Monitoring gemaach gëtt. Da gëtt et eng Planungsunitéit, wou mat de Gemengen oder Baueren oder aner Privatleit Projete konkret geplangt, Kontrakter ausgehandelt, Konventiounen opgestallt ginn. D'Ëmsetzung vun de Projete gëtt da vun de Leit aus dem Atelier gemaach: d'Aarbechten um Terrain, Heckfleeg, planzen, botzen, renaturéieren. De SICONA huet och eng pädagogesch Abteilung, wou iwwer 1000 Aktivitéiten zesumme mat Schoulen, Maison-relaisen, Jugendhaiser gelescht ginn, wou d'Kanner fir den Naturschutz sensibiliséiert ginn.

Ugefaangen huet de SICONA 1983 mat dräi Aarbechter. Den idealistesche Grënner Fernand Schoos hat dat mam deemolege Buergermeeschter vu Bartreng Nikki Bettendorf an d'Weeër geleet. Haut sinn et 26 Aarbechter fir déi praktesch Aarbechten; wat den administrative Volet ugeet, sinn et der bal 50, déi haut hei zu Ollem fir de SICONA schaffen. De SICONA ass een unerkannten Expert hei am Land gi fir all Froen, déi den Naturschutz betreffen.

**DEN  
NATURSCHUTZSYNDIKAT  
SICONA**

Säit iwwer 30 Joer bedreift den Naturschutzsyndikat SICONA (SICONA Zentrum a SICONA Süd-Westen), an enker Zesummenaarbecht mat de Membersgemengen, de Baueren an de Grondbesëtzer, konkreten Naturschutz op lokalem Plang. Den Naturschutzsyndikat SICONA ënnerdeelt sech a véier Servicer, déi fir d'Planung, déi wëssenschaftlech Begleedung a praktesch Ëmsetzung vun de Projeten, esouwéi och déi pädagogesch Aktivitéiten zoustänneg sinn. De SICONA ass zurzäit an 42 Gemengen aktiv a beschäftegt iwwer 70 Mataarbechter.





*Le SICONA est devenu un expert reconnu au niveau national pour toutes les questions ayant trait à la protection de la nature*



La «Heedchen» d'une surface de 3,5 hectares est l'une des dernières zones de landes au Luxembourg

## **SICONA, LE SYNDICAT INTERCOMMUNAL POUR LA PROTECTION DE LA NATURE**

*Depuis plus de 30 ans, le syndicat SICONA (SICONA Centre et SICONA Sud-Ouest) mène des actions concrètes en faveur de la protection de la nature au niveau local, en étroite coopération avec les communes membres, les exploitants et les propriétaires de terrains. Le syndicat SICONA est composé de quatre départements, chargés de la planification, du suivi scientifique, de la mise en œuvre pratique des projets et des activités pédagogiques. Il est actif dans 42 communes et emploie plus de 70 collaborateurs.*

*Le SICONA a vu le jour en 1983. Il comptait 3 collaborateurs au tout début. Fernand Schoos, son fondateur empreint d'idéalisme, avait lancé ce projet avec Nikki Bettendorf, qui était le bourgmestre de Bertrange à l'époque. Aujourd'hui, 26 collaborateurs effectuent les travaux pratiques, presque 50 personnes s'occupent du volet administratif rien qu'ici à Olm. Le SICONA est devenu un expert reconnu au niveau national pour toutes les questions ayant trait à la protection de la nature.*

*Le SICONA est une organisation d'une certaine envergure. Qu'est-ce que cela représente pour la présidence ? Quels sont les défis à relever ?*

*Marc Bissen : Le bureau se réunit pratiquement tous les quinze jours. Nous nous voyons et avons également un contact direct et un échange avec la direction, pour discuter du volet opérationnel, régler les questions de personnel, comme le fait tout échevin dans sa commune. Mais ce qui est également important pour moi, c'est de passer à l'atelier et d'aller voir les projets sur le terrain. Le SICONA emploie beaucoup de profils différents : jardiniers, mécaniciens, biologistes, scientifiques. Quand toutes ces personnes coopèrent, des projets très intéressants voient le jour.*



Les zones humides, comme ici la « Riedelbaach », hébergent une grande biodiversité

**De SICONA ass jo schonn ee gréissere Betrib.  
Wat heescht dat fir de President, wéi a wou ass hie gefuerdert?**

**Marc Bissen:** De Bureau ass praktesch all zwou Wochen, wou mer eis gesinn an och den direkte Kontakt an Austausch mat der Direktioun hunn, wou den operationellen Deel beschwat gëtt, Personalfroe gekläert ginn, esou wéi ee Schäfferot dat och an enger Gemeng mécht. Wat mir awer och wichteg ass, ass bei d'Aarbechter an den Atelier an d'Projeten um Terrain kucken ze goen. De SICONA huet ganz vill verschidde Profiller bei sech schaffen: Gäertner, Mecanicienen, Biologen, Wëssenschaftler. Wann déi Leit all zesummeschaffen, da kommen immens interessant Projeten dobäi eraus.

**Gëtt et ee Projet, deen Iech besonnesch gutt gefält?**

**Marc Bissen:** Ma zum Beispill den „Natur genéisse“-Projet. Am Ufank war ech e bësse skeptesch: Ass dat net e bëssen héich gegruff? Maachen d'Bauern do mat? Wéi kréie mer dat herno um Terrain ëmgemat? Kréie mer d'Maison-relaisen an dee Reseau agebonnen? Haut gesi mer: Et funktionéiert, et sinn eng 40 Produzenten, déi matmaachen, Baueren, déi verschidde Liewensmëttel liwweren. De SICONA huet et fäerdegbruecht, ee Reseau opzebauen, wou d'Bauern hier Produkter verkaaft kréien an duerfir och Naturschutzmoosnamen akzeptéieren an anhalen. D'Zil ass ëmmer, fir eppes fir d'Erhale vun der Biodiversitéit ze maachen. Et ass also eng Win-win-Situatioun fir d'Produzenten a fir d'Konsumenten, ee positiviivt Beispill vu Synergien.

**Wat sinn déi grouss Erausforderunge fir déi nächst Joren?**

**Marc Bissen:** Dat ass engersäits den Ausbau vum administrative Gebai zu Ollem. D'Memberszuel vum SICONA ass séier gewuess, een Ausbau huet ugefaang a soll bis Mëtt 2025 fäerdeg ginn, do kommen 28 Büroen derbäi, dat ass batter néideg. Och am Atelier vun den Aarbechter ass et mëttlerweil zimmlech enk. Do stinn d'Maschine wéi beim Tetris eng hannert der anerer an enger Rei, och do musse mer kucken, wéi eng Méiglechkeeten et gëtt. Eng weider Erausforderung ass natierlech d'Finanzéiere vun deenen Aarbechten. Den Ausbau vum administrative Gebai kann nach ouni zousätzlechen Apport vun de Gemenge realiséiert ginn. Déi nei Regierung huet den Naturschutz och weider als prioritär an hirem Regierungsprogramm ugefouert.

*Den Ëmweltministère  
mécht een Appell  
fir Projeten, déi  
d'Fiichtgebiddere  
rëm valoriséieren,  
well se ee  
wichtige Bestanddeel  
sinn, fir d'Biodiversitéit  
ze fërderen*

**Wat heescht déi Ausso am Regierungsprogramm  
da konkret fir den Naturschutzsyndikat?**

**Marc Bissen:** D'Hëllef vum Staat si scho ganz substantiell, esou datt ee Projet hannenno d'Gemeng net z. B. 1 Millioun Euro kascht, mee nëmme nach 10% oder 20% vum ganzen Invest. Wann esou Projete vun nationalem Interessi sinn, da finanziert de Staat bis zu 100% vum Projet.

Un engem konkrete Beispill ass dat vläicht méi einfach ze verstoen: Den Ëmweltministère mécht een Appell fir Projeten, déi d'Fiichtgebiddere rëm valoriséieren, well se ee wichtige Bestanddeel sinn, fir d'Biodiversitéit ze fërderen. Do kënnen sech all Träger aus dem Beräich Naturschutz mellen. Do war zum Beispill och ee grouse Projet hei an der Gemeng, d'Renaturéierung vun der Ollemer Baach. Do ka villen Déieren a Planzenaarte gehollef ginn, deenen hire Liewensraum verschwonnen oder bedrot ass. Esou Projete ginn dann ëmmer zesumme mat de betraffene Gemenge gemaach.

*Le Ministère de l'Environnement lance un appel à projets pour revaloriser les zones humides, car elles constituent un axe important pour promouvoir la biodiversité*



Am administrative Gebai vum SICONA zu Ollem schaffen aktuell em déi 50 Léit

#### **Existe-t-il un projet qui vous plaise particulièrement ?**

**Marc Bissen :** Par exemple le projet « Natur genéissen ». Au début, j'étais un peu sceptique : Est-ce que ce projet n'est pas un peu trop ambitieux ? Est-ce que les agriculteurs participeront au projet ? Comment le mettre en œuvre sur le terrain ? Réussirons-nous à intégrer les maisons relais dans le réseau ? Aujourd'hui, nous constatons que cela fonctionne, environ 40 producteurs participent, des agriculteurs fournissent différentes denrées alimentaires. Le SICONA a réussi à construire un réseau dans lequel les agriculteurs vendent leurs produits et, pour cette raison, acceptent et respectent les mesures de protection de la nature. L'objectif est toujours de contribuer à la préservation de la biodiversité. C'est une situation gagnant-gagnant à la fois pour les producteurs et les consommateurs - un bel exemple d'une synergie réussie.

#### **Quels sont les grands défis pour les années à venir ?**

**Marc Bissen :** D'une part, l'extension du bâtiment administratif à Olm. Le nombre de membres du syndicat SICONA a augmenté rapidement. L'extension a débuté et devrait être prête d'ici mi-2025. 28 bureaux s'ajouteront ainsi à l'infrastructure existante, c'était plus que nécessaire. L'atelier

aussi commence à devenir étroit. Il abrite des machines, rangées les unes derrière les autres, comme dans Tetris. Là, nous devons encore voir comment faire au mieux. Un autre défi est bien entendu le financement de ces travaux. L'extension du bâtiment administratif peut encore être réalisée sans apport supplémentaire de la part des communes. Le nouveau gouvernement a maintenu la protection de l'environnement dans ses priorités, elle figure dans le programme de gouvernement.

#### **Et qu'est-ce que cela signifie concrètement pour le syndicat SICONA ?**

**Marc Bissen :** Les aides de l'État sont vraiment considérables. Ainsi, par exemple, un projet ne coûtera pas un million d'euros aux communes, mais seulement 10 à 20 % de l'investissement total. Si un projet revêt un intérêt national, l'État peut le financer jusqu'à 100 %.

Je vais l'illustrer par un exemple concret, ce sera plus simple : Le Ministère de l'Environnement lance un appel à projets pour revaloriser les zones humides, car elles constituent un axe important pour promouvoir la biodiversité. Tous les acteurs de la protection de l'environnement peuvent soumettre leur projet. Ainsi, par exemple, un grand projet de renaturation du cours d'eau d'Olm a été proposé. Ce projet permet d'aider de nombreuses espèces animales et végétales, dont les habitats ont disparu ou sont menacés. Des projets comme celui-ci sont alors mis en œuvre avec les communes concernées.

## D'DECIDEURE BEIM SICONA

De Kommittee ass zoustänneg fir d'Grondausrichtung vum Syndikat an decidéiert iwwer all wichteg Uleies, z. B. de Budget, Personalfroen an d'Investitiounen. All Membersgemeng ass am Kommittee mat enger Stëmm vertrueden.

De President, Marc Bissen an zwee Vizepresidente gehéieren zu deene siwe Memberen aus dem Exekutivbüro. Dëse leet déi lafend Geschäfte a setzt d'Entscheidung vum Kommittee ëm. D'Direktioun vum SICONA zielt nieft zwee Chargé-de-direction och déi véier Responsabel vun de jeeweilegen Abteilungen.

*Duerfbegréngung ass  
ee wichtige Sujet:  
Manner Schottergäert  
heescht manner Hëtzt  
a méi Biodiversitéit*

**Ee weidere flotte Projet an der Gemeng  
ass op der „Heedchen“ ...**

**Marc Bissen:** Jo, dee fält an de Beräich vun der Fërderung vun de Bestëbser. Et ass, mengen ech, dat gréisste Gebitt hei am Land, wou eng Heed renaturéiert gëtt. Nieft de Fiichtgebidder, de Bestëbser, der Renaturéierung ass och ëmmer rëm d'Zesummenaarbecht mat der Landwirtschaft gesicht: Mir probéiere rëm méi eng flott Strukturlandschaft mat Hecken a Beem ze kréien, hunn ee Wëllplanzesomprojet, hëllef beim Plange vun de Kulturen.

**Oft kritt een den Androck, d'Leit wieren es dëses ganzen Naturschutz  
midd, si wëilten näischt méi vu Biodiversitéit a Klimaproblemer  
héieren. Wéi gesitt Dir dat?**

**Marc Bissen:** Hmmm, ech hunn am Géigendeel d'Gefill, wéi wann d'Populatioun relativ oppe fir den Naturschutz ass. D'Leit sinn och sensibel op d'Temperaturen, déi ëmmer méi erop ginn. Duerfir ass och Duerfbegréngung ee wichtige Sujet fir eis: Manner Schottergäert heescht manner Hëtzt a méi Biodiversitéit. Klimapakt an Naturschutzpakt stäipe sech géigesäiteg. Mat der Landwirtschaft schaffe mer och gutt zesummen. Ech mengen, datt eis Approche, déi op Informatioun, Berodung, Kommunikatioun berout, schonn hier Friichten dréit. Dee gréisste Problem sinn heiansdo bal onendlech laang Delaien, bis mer all Äntwerten zesummenhunn, déi mer brauchen. Mir brauchen alt mol Avisen, déi nëmmen e puer Büro maache kënnen; heiansdo gi mer och duerch fouilles archéologiques gebremst. E bësse Suerge mécht mer d'Entwécklung op EU-Säit, d'Ziler fir manner Pestiziden am Asaz ze hunn, sinn net méi esou ambitiéis.



*Le verdissement des villages est un sujet important: moins de jardins de graviers, cela entraîne moins de chaleur et plus de biodiversité*

## **LES DÉCIDEURS DU SYNDICAT SICONA**

Le comité est responsable de l'orientation générale du syndicat et décide de toutes les questions importantes, telles que le budget, le personnel et les investissements. Chaque commune membre est représentée au sein du comité par une voix.

Le bureau exécutif est composé de sept membres, dont le président, Marc Bissen, et deux vice-présidents. Le bureau exécutif gère les affaires courantes et met en œuvre les décisions du comité. La direction du syndicat SICONA comprend deux chargés de direction ainsi que les directeurs des quatre départements.



*Un autre projet intéressant dans la commune se trouve sur le site « Heedchen » ...*

**Marc Bissen :** *Oui, ce projet vise à protéger les pollinisateurs. Je crois que c'est le site le plus important au Luxembourg où un paysage de ce type est renaturé. À côté des zones humides, des pollinisateurs, de la renaturation, la coopération avec le monde agricole est régulièrement recherchée. Nous essayons de reconstituer des paysages structurés avec des haies et des arbres. Nous avons un projet de graines de plantes sauvages, nous aidons à planifier les cultures.*

*Souvent, on a l'impression que les gens se lassent de certains sujets, tels que la protection de la nature et qu'ils ne veulent plus entendre parler de biodiversité, ni de problèmes liés au climat. Qu'en pensez-vous ?*

**Marc Bissen :** *Au contraire, moi j'ai l'impression que la population est plutôt ouverte à la protection de la nature. Les gens sont sensibles aux températures qui ne cessent d'augmenter. C'est pourquoi le verdissement des villages est un sujet important pour nous : moins de jardins de graviers, cela entraîne moins de chaleur et plus de biodiversité. Le Pacte Climat et le Pacte Protection de la Nature se complètent. Nous avons une bonne coopération avec le monde agricole. Je crois que notre approche, basée sur l'information, le conseil et la communication, porte déjà ses fruits. Le plus grand problème, ce sont parfois les délais extrêmement longs pour recueillir toutes les réponses dont nous avons besoin. Nous avons besoin d'avis, or il n'y a que quelques bureaux qui sont en mesure de les élaborer; parfois aussi nous sommes freinés par des fouilles archéologiques. Les objectifs de l'UE en termes de pesticides ne sont plus aussi ambitieux, ce qui m'inquiète un peu.*

# MARYSE FRANTZEN, CONSEILLÈRE COMMUNALE

Interview/Rédaction **Jeanne Adam** Photos **Jerry Andre**

Newcomer

Entdecken Sie in jeder Ausgabe einen  
gewählten Amtsträger der Gemeinde...

Maryse Frantzen  
Politikerin

Säit 2009 ass d'Maryse Frantzen Member vun der Demokratescher Partei (DP) a säit de leschte Gemengewale vertritt si d'DP als ee vun hiren zwee Verrieder am Gemengerot. Si ass Member an de Schoul- an Ëmweltkommissiounen an och vum Komitee fir d'Jumelagen. 2013 an 2023 huet si op der Südlëscht vun der DP fir d'Nationalwale kandidéiert. Si ass Member vum Regionalkomitee Süde vun der DP.



**Dir wunnt nach net laang an der Gemeng a sidd 2023 direkt an de Gemengerot gewielt ginn!**

**Maryse Frantzen:** Ech si réischt 2017 op Ollem wunne komm. Duerfir hat ech net domat gerechent, direkt an de Gemengerot gewielt ze ginn. Ech ka mer dat net aleng duerch eng Walcampagne erklären, mee eventuell well ech vill mat de Kanner ënnerwee sinn. Ech si Mamm vun zwee Kanner, mäi Jong ass elo am éischte Joer Spillschoul, mäi Meedchen ass zënter deem Hierscht an der Éducation précoce.

**Dir sidd scho relativ laang Member an der Demokratescher Partei...**

**Maryse Frantzen:** Jo, ech sinn zënter 2009 Member an der DP, dat war, wéi ech déi éischte Kéier konnt wile goen. Ech si Member bei de Jonk Demokrate ginn, 2010 war ech do Tresorière am Süden an 2011 Südpräsidentin. 2011 sinn ech zu Stengefort mat an d'Gemengewale gaangen, 2013 fir de

Süden an d'Chamberwalen. Ech hu mäi Mann bei der DP kennegeleiert, eis ganz Fräizäit war mat Leit an Aktivitéite vun der JDL verbonnen, bis mäi Mann nogeluecht kritt huet, sech aus beruffleche Grënn parteipolitesch neutral ze verhalten.

Esou ëm 2016 hate mir dunn aner Prioritéiten, wollten eng Famill grënnen an een Haus fannen. Ech war nach ëmmer Member, awer net weider aktiv. Wéi mäi Mann 2020 duerch een Accident ëm d'Liewe komm ass, hat ech net geduecht, datt ech rëm géing politesch aktiv ginn. Mee wéi dat méi „normaalt“ Liewe rëm funktionéiert huet, sinn ech op d'AG vun der Sektioon Kiele gaangen an dunn ass alt eent bei d'anert komm... D'DP-Sektioon Kielen ass ganz multi-kulti, dat ass flott: Mir hu ganz vill verschidden Nationalitéiten, mir halen eis Comitésversammlungen oft op Franséisch, mir hunn och Memberen, déi besser Englesch schwätzen.

# INTERVIEW

**Découvrez dans chaque édition un(e) élu(e) de la commune...**

**Maryse Frantzen**  
Vie politique

Depuis 2009, Maryse Frantzen est membre du parti libéral DP. Depuis les dernières élections communales, elle est l'un des deux représentants du DP au conseil communal. Elle est membre de la commission scolaire, de la commission de l'environnement et du comité de jumelage. En 2013 et en 2023, lors des élections nationales, elle s'est portée candidate pour le DP sur la liste de la circonscription sud. Elle est membre du comité régional sud du DP.

***Vous n'habitez pas encore très longtemps dans la commune et en 2023 vous avez été élue du premier coup au conseil communal!***

**Maryse Frantzen:** *Je suis venue habiter à Olm en 2017. C'est pourquoi je ne m'attendais pas à être élue immédiatement au conseil communal. Je ne l'explique pas uniquement par la campagne électorale, peut-être parce que je suis présente un peu partout avec les enfants. Je suis maman de deux enfants, mon garçon fréquente le cycle 1, ma fille l'éducation précoce depuis cet automne.*

***Vous êtes membre du DP depuis longtemps...***

**Maryse Frantzen:** *Oui, je suis membre du DP depuis 2009, depuis que j'ai pu aller voter pour la première fois. Je suis devenue membre des jeunes libéraux, en 2010, j'ai été secrétaire de la circonscription sud puis, en 2011, présidente de cette circonscription. En 2011, j'ai participé aux élections communales à*

*Steinfurt, en 2013, aux élections nationales pour la circonscription sud. J'ai rencontré mon mari au DP, nous passions notre temps libre avec d'autres jeunes libéraux, jusqu'à ce que mon mari ait été prié, pour des raisons professionnelles, de faire preuve de neutralité sur le plan politique.*

*Vers 2016, nos priorités ont changé, nous voulions fonder une famille et trouver une maison. J'étais encore membre du DP, mais je n'étais plus active. Lorsque mon mari a perdu la vie dans un accident en 2020, je n'ai pas pensé que je referai un jour de la politique. Mais dès que la vie « normale » a pu reprendre, je suis allée à l'AG de la section de Kehlen et puis les choses se sont faites naturellement... La section de Kehlen est très multiculturelle, c'est très sympa. Nous avons beaucoup de nationalités différentes au DP, les réunions de notre comité se tiennent souvent en français, nous avons aussi quelques membres qui préfèrent l'anglais.*

***Vous vous êtes portée candidate deux fois lors des élections communales et deux fois lors des élections nationales...***

**Maryse Frantzen:** *Oui, 2023, c'était pour moi une super année électorale. Après les élections communales, je me suis présentée aux élections nationales. Ce que j'ai beaucoup apprécié lors des campagnes électorales: être avec les gens, rencontrer du monde et découvrir le pays, j'ai vu beaucoup de choses qui m'ont impressionnée. La campagne électorale de 2023 était très différente de celle de 2013. En 2013, il fallait bien sûr être présente un peu partout, mais la pression des réseaux sociaux n'était pas encore aussi marquée. En 2023, l'on avait tout le temps l'impression qu'il fallait être partout et le résultat ne correspondait pas nécessairement au degré d'engagement. C'était une phase assez fatigante: je voulais continuer à consacrer du temps à mes enfants et à l'équipe. Je suis reconnaissante envers mon nouveau compagnon qui a vraiment pris sur lui et m'a soutenue pleinement.*

## Dir hutt Iech zweemol bei Gemengewalen an zweemol bei Chamberwalen de Wieler a Wielerinne gestallt...

**Maryse Frantzen:** 2023 war och fir mech perséinlech ee Superwaljoer: Ech war no de Gemengewalen och mat an d'Chamberwalen. Wat mer an de Walcampagnë gutt gefall huet: Ënner Leit sinn, Leit a Land kenne léieren, do hunn ech vill Impressionnantes gesinn. D'Walcampagne 2023 war allerdéngs ganz anescht wéi 2013. 2013 huet een sech bei de Leit gewisen, mee den Drock vun de soziale Medie war nach net esou do. 2023 hat een déi ganzen Zäit d'Gefill, et misst een iwwerall sinn, an d'Resultat huet net onbedéngt deem entsprach, wéi een sech engagéiert hat. Et war eng zimmlech ustrengend Phase: Ech wollt mengen zwee Kanner gerecht ginn, genee wéi och der Ekip. Ech sinn dankbar datt mäin neie Liewenspartner mir doheem di ganzen Zäit de Réck fräi gehalen huet a mech sou ënnerstëtzt huet.

## Gëtt et esou eppes wéi ee politescht Virbild fir Iech?

**Maryse Frantzen:** Ech kennen de Max Hahn gutt, hien huet mech laang bei mengem politeschen Engagement begleet. Mee ee politescht Virbild hunn ech eigentlech net. D'DP ass déi richteg Partei fir mech: De liberale Gedanken, datt all Mënsch sech ka fräi entfalten, a mir sinn och eng sozial Partei, kucken no de Besoine vun all Alterskategorie an all gesellschaftlecher Schicht. Ech sinn awer och e bësse virbe-laascht, mäi Papp ass scho ganz laang Member bei der DP.

## Wat sinn Är politesch Prioritéiten?

**Maryse Frantzen:** Bei mir sinn d'Kanner Prioritéit, Maison relais a Sport fir d'Kanner si wichtig. Um Niveau vun der Maison relais gëtt et knapp: Eis Infrastrukture ginn ze kleng, et gëtt Zäit, datt zu Elmen alles opgeet. D'Sportsinfrastrukture sinn zimmlech gutt, an de Fussball ass z.B. vill investéiert ginn. E gouf éischt Gespréicher fir eng Schwämm zesumme mat der Nopeschgemeng Koplescht zu Elmen ze bauen, dat fannen ech gutt.

Ech kann aus menger Erfahrung soen, datt an der Familljepolitik nach Loft no uewen ass. Wann ech meng Elteren a meng Schwéierelteren net hätt, da wier ech z. B. wann ee vu menge Kanner mol méi laang krank ass, wierklech schlecht drun. De Congé fir een Elengerzéienden ass d'Hallschent vum Congé, wéi wann zwee Elterendeeler do sinn.

De Verkéier ass ganz schlëmm hei zu Kielen. Et fueren esou vill Camionen duerch, d'Liewensqualitéit ass a villen Hisiichte staark beanträchtegt. Mir sinn als Gemeng scho ganz laang am gaang ze kucken, datt ee Contournement kënnt. Ech erhoffe mir, datt di concernéiert Acteuren hiren Deel zur Léisung bäisteieren, datt dësen Dossier elo endlech virukënnt am Sënn vun der Gemeng Kielen an hiren Awunner.

## Gëtt et Differenzen am Gemengerot?

**Maryse Frantzen:** All Partei leien an hiren Iddien no beieneen. Mir stinn all an der Gemeng am Déngscht vum Bierger. Ech géing eventuell Prioritéiten anescht setzen, z. B. wat d'Maison relais ugeet. Well et eng Urgence ass, kéime fir mech och Tëscheléisunge mat Container a Fro. Ech fannen, et dierft net sinn, datt vereenzelt Kanner keng Plaz méi an der Maison relais kréien. Et sinn de Verkéier, d'Infrastrukturen, d'Ëmwelt, d'Familljepolitik, déi eis alleguer fuerderen.

Maryse Frantzen  
privat

D'Maryse Frantzen hat sech eng éischte Kéier bei de Gemengewalen 2023 opgesat a gouf och prompt an de Gemengerot gewielt. Säit 2012 ass si berufflech aktiv bei der Spuerkeess, zurzäit an enger Dräivéierelstäche. An hirer Fräizäit schafft si gären am Gaart, mécht Kraaftraining am Fitnesscenter, kuckt sech mat Frënn Sporteenter un a verbréngt vill Zäit mat hire Kanner.





### Est-ce que vous avez un modèle de référence en politique ?

**Maryse Frantzen :** Je connais bien Max Hahn, il m'a accompagnée longtemps dans mon engagement politique. Mais je n'ai pas vraiment de modèle de référence. Le parti libéral est le parti qui me convient. J'aime l'idée libérale que chaque être humain puisse s'épanouir librement. Et, en même temps, nous sommes aussi un parti social, nous veillons aux besoins de toutes les tranches d'âge et de toutes les couches sociales. J'ajoute que mon père est membre du parti libéral depuis très longtemps, cela a peut-être joué aussi.

### Quelles sont vos priorités politiques ?

**Maryse Frantzen :** Pour moi, les enfants, la maison relais et le sport pour les enfants sont des sujets importants. La maison relais arrive à ses limites. Les infrastructures deviennent trop petites, il est temps que les nouvelles infrastructures à Elmen ouvrent leurs portes. Les infrastructures sportives sont plutôt bonnes, par exemple, beaucoup a été investi dans le football. Il y a eu des premiers échanges sur l'idée de construire une piscine à Elmen avec la commune voisine Kopstal. Je trouve que c'est une bonne idée.

D'expérience, je peux dire que la politique familiale peut faire mieux. Si je n'avais pas mes parents et mes beaux-parents, alors ce serait vraiment difficile pour moi si p.ex. l'un de mes enfants tombait malade pendant une durée plus longue.

Le congé pour les familles monoparentales correspond à la moitié du congé offert aux familles dont les deux parents sont présents.

Il y a beaucoup de trafic ici à Kehlen. Tellement de camions traversent notre commune, ce qui sape notre qualité de vie de plusieurs manières. Depuis longtemps, nous demandons l'aménagement d'un contournement. J'espère que les acteurs concernés contribueront à la solution, que ce dossier puisse enfin avancer, pour le bien-être de la commune de Kehlen et de ses habitants.

### Existe-t-il des différences au sein du conseil communal ?

**Maryse Frantzen :** Les idées des partis politiques se rejoignent. Nous sommes tous au service des citoyens. Personnellement, j'établirais peut-être les priorités autrement, p.ex. la maison relais. Comme il s'agit d'une urgence, je serais même en faveur de solutions intermédiaires, p.ex. des conteneurs. Je trouve qu'il est inacceptable que des enfants n'obtiennent pas de place à la maison relais. Le trafic, les infrastructures, l'environnement et la politique familiale sont les sujets qui constituent des défis pour nous tous.



Maryse Frantzen  
en privé

Maryse Frantzen a été élue du premier coup au conseil communal lors des élections communales de 2023. Depuis 2012, elle travaille à la Spuerkeess, à 75%. Pendant son temps libre, elle aime jardiner, s'entraîner au centre de fitness, regarder des événements sportifs avec des amis et passer beaucoup de temps avec ses enfants.

# CHORALE STE CÉCILE KEHLEN-OLM

Rédaction Jeanne Adam Photos Chorale Ste Cécile Kehlen-Olm

**DE** Es gibt in Luxemburg noch viele Chöre, die den Namen der Schutzpatronin der Sänger, Musiker und der Kirchenmusik, Sainte Cécile, tragen. Eins haben sie alle gemeinsam: die Sorge um Nachwuchs – so auch die Chorale Ste Cécile Kehlen-Olm.



Gruppenfoto beim Abschied der Dirigentin  
Photo de groupe lors du départ de la cheffe d'orchestre

## EIN VEREIN MIT GESCHICHTE

Die Statuten der Chorale Kehlen-Olm stammen aus dem Jahr 1951. „Es gibt allerdings schon viel länger eine Chorale in Kehlen“, erzählt Sekretärin Kitty Theis-Lutgen und verweist stolz auf die Vereinsfahne von 1866 mit der Aufschrift „Gesangverein Kehlen“. Leider ist die Mitgliederzahl der Chorale Sainte Cécile über die Jahre geschrumpft, sodass der Verein sich momentan auf kirchliche Aktivitäten beschränken muss.

Letztes Jahr begleiteten die Sänger und Sängerinnen der Chorale Sainte Cécile 27 Sonntagsmessen sowie 9 Begräbnismessen mit ihrem Gesang; dafür wurde 13-mal geprobt. Die Vereinsmitglieder sind stolz auf ihren Verein mit seiner reichen Vergangenheit und seiner großen Bibliothek mit rund 500 Gesangsstücken.

Ab 1. Januar 2024 ist (bedingt durch verschiedene Abgänge) unser Chor wahrscheinlich der kleinste Verein der Gemeinde Kehlen. So sind seine noch verbleibenden fünf Mitglieder doch sehr aktiv und geben ihr Bestes.

Natürlich beteiligen sich die Mitglieder auch an den Feierlichkeiten der Gemeinde und auch die Geselligkeit wird gepflegt – wenn auch leider im kleineren Kreis. Zu den anderen Gesangsvereinen in der Gemeinde gibt es gute Beziehungen und man hilft sich gegenseitig. So wird das Te Deum am Nationalfeiertag beispielsweise von den drei Chören Nospelt, Keispelt und Kehlen gestaltet.

## SÄNGER UND DIRIGENT(IN) GESUCHT

Der Verein würde sich natürlich sehr über Sänger-Nachwuchs freuen. Ob Mann oder Frau, Muttersprachler oder nicht, jeder ist willkommen. Das Liederrepertoire ist international, Sprachbarrieren dürfte es demnach kaum geben. Auch ein(e) Dirigent(in) wird gesucht, nachdem die Vorgängerin den Verein Ende 2023 nach 10 Jahren aus gesundheitlichen und familiären Ursachen, verlassen hat. Glücklicherweise kann der Verein sich auf einen guten Organisten verlassen.

Woran genau der mangelnde Nachwuchs liegt, ist schwer zu sagen, aber ein Grund dürfte schon allein die schrumpfende Zahl der Kirchgänger sein. Hinzu kommt die Konkurrenz durch rein weltliche Chöre. Wenn junge Menschen, zum Beispiel Schüler der lokalen Musikschule, den Gesang für sich entdecken, suchen sie oft eher einen weltlichen Chor. Dieses Angebot kann die Chorale Ste Cécile Kehlen-Olm wiederum wegen zu geringer Mitgliederzahl zurzeit nicht machen. Also an alle Interessierten: ran an die Stimmgabeln!



FR

**Au Luxembourg, de nombreuses chorales portent encore le nom de Sainte-Cécile, la patronne des chanteurs, des musiciens et de la musique sacrée. Toutes ces chorales partagent un même souci: trouver la relève. C'est aussi le cas de la chorale Sainte-Cécile de Kehlen-Olm.**

## UNE CHORALE PORTEUSE D'UNE LONGUE HISTOIRE

*Les statuts de la chorale de Kehlen-Olm datent de 1951. « Cependant, il existait une chorale à Kehlen depuis bien plus longtemps », explique Kitty Theis-Lutgen, la secrétaire de la chorale, en montrant avec fierté le drapeau de la chorale qui date de 1866 et porte l'inscription « Gesangverein Kehlen ». Malheureusement, le nombre de membres de la chorale a décliné au fil des années. Pour cette raison, la chorale se limite aux activités religieuses.*

*L'année dernière, les chanteurs et les chanteuses de la chorale Sainte-Cécile ont accompagné 27 messes dominicales et 8 messes d'enterrement, ce qui a nécessité 13 répétitions. Les membres sont fiers de leur chorale, porteuse d'un passé riche, et de sa grande bibliothèque qui compte 500 pièces vocales.*

### 5 Mitglieder / 5 membres

Mitglieder im Komitee / Membres du comité: 3

### Proben / Répétitions

Dienstags in der Kirche in Kehlen (nicht jede Woche)

*Répétitions: les mardis à l'église de Kehlen (pas chaque semaine)*

### Kontakt / Contact

Ketty Theis-Lutgen:

E-mail: [kettylutgen@gmail.com](mailto:kettylutgen@gmail.com) – Tel.: 30 95 43

Marthe Biver-Haan: Tel.: 621 290 104

*À partir du 1<sup>er</sup> janvier 2024 (en raison de plusieurs départs), notre chorale sera probablement la plus petite association de la commune de Kehlen. Néanmoins, ses cinq membres restants sont très actifs et donnent le meilleur d'eux-mêmes.*

*Bien entendu, les membres de la chorale participent également aux festivités de la commune et cultivent la convivialité, même si le cercle est désormais plus restreint. La chorale entretient de bonnes relations avec les autres chorales de la commune. L'entraide est réciproque. Ainsi, par exemple, lors de la fête nationale, le Te Deum est assuré par trois chorales: Nospelt, Keispelt et Kehlen.*

## CHERCHONS CHANTEUR ET CHEF(FE) D'ORCHESTRE

*La chorale serait très heureuse d'accueillir de nouveaux chanteurs. Homme, femme, de langue maternelle ou pas, toute personne intéressée est la bienvenue. Le répertoire des chants est international, il ne devrait donc pas y avoir de barrière linguistique. La chorale est également à la recherche d'un(e) nouveau chef(fe) d'orchestre, car la dernière cheffe d'orchestre a quitté la chorale, à la fin de 2023 pour raisons de santé et familiales, après 10 ans d'engagement. Heureusement, la chorale peut compter sur un bon organiste.*

*Il est difficile de dire exactement pourquoi il est difficile de trouver la relève, mais une raison pourrait être le recul du nombre de fidèles. À cela s'ajoute la concurrence des chœurs purement séculiers. Lorsque des jeunes, par exemple des élèves de l'école de musique locale, découvrent le chant, ils recherchent plutôt un chœur séculier. En raison de son nombre restreint de membres, la Chorale Sainte-Cécile de Kehlen-Olm ne peut pas proposer ce type d'activités actuellement. Alors, avis à toutes les personnes intéressées: à vos diapasons!*

# SPUERVERAÏN AULEBÄCKER NOUSPELT

Rédaction Jeanne Adam Photos Spuerveraïn Aulebäcker Nospelt

**DE** Sparvereine gab es früher viele, heute steht beim Nospelter Spuerveraïn Aulebäcker weniger das Sparen als vielmehr die Geselligkeit im Mittelpunkt. Die Feste des Vereins sind gut und gerne besucht.

## SPAREN DAMALS UND HEUTE

Früher gab es in nahezu jeder Ortschaft einen „Spuerveraïn“. Gespart wurde über das ganze Jahr, z. B. um sich eine wohlverdiente Urlaubsreise leisten zu können oder den ausgedienten Kühlschrank zu ersetzen. „Natürlich ist ein Sparverein etwas Altmodisches,“ gibt Rol Schmit, Präsident des Nospelter Sparvereins gerne zu, „aber unser Vereinsleben macht Spaß und wir genießen die Geselligkeit“.

Gegründet wurde der Spuerveraïn Aulebäcker am 20. Januar 1979 im Café Bonifas in Nospelt. Dort wurde die „Sparbüchse“ des Vereins aufgehängt, eine Kiste, in ordentlicher Handarbeit angefertigt, mit 49 Nummern und 50 Fächern – eins für jedes Mitglied. Das 50. Fach ist für den Verein – Spenden willkommen! Jedes Mitglied des Vereins sparte einen bestimmten Mindestbeitrag in sein Kästchen; das angesparte Geld wurde jeden Monat auf das Vereinskonto einbezahlt. Jeweils im Mai war dann der Kassensturz: Ein geringer Obulus und die Zinsen blieben in der Vereinskasse, der Rest bekam der Sparer ausbezahlt.

Heute haben auch die Nospelter das Sparen aufgegeben, die Kiste mit den 49 Nummern hat einen Ehrenplatz im Haus des Präsidenten. Sollte sich die Gelegenheit – sprich ein geeignetes Café in der Ortschaft – wieder bieten, könnte die alte Tradition des Sparens in Nospelt aber durchaus wiederbelebt werden.

## GESELLIGKEIT AN ERSTER STELLE

Geselligkeit pflegen ist das Ziel des Vereins. „Déi Fester déi mir organisieren, déi setzen“ freut sich Rol Schmit. Drei große Veranstaltungen stehen jedes Jahr auf dem Programm.

Im März findet ein „Kéisowend“ im Kulturzentrum in Nospelt statt, wo eine Riesenauswahl an Käse angeboten wird. Im Juni folgt ein Grillfest für alle auf dem Kirchenplatz. Der traditionelle „Hierkenowend“ im Oktober, auch ein Publikumsrenner, ist dann wieder im Kulturzentrum.



Die Mitglieder des Spuerveraïn Aulebäcker Nospelt  
Les membres du «Spuerveraïn Aulebäcker Nospelt»

Bei diesen Festen helfen die Mitglieder gerne, schon das Planen und Organisieren ist ein geselliger Akt. Alle zwei Jahre leisten sich die Mitglieder einen Ausflug, der mit den Einnahmen der Feste bezuschusst wird. Dieses Jahr geht es vier Tage ins Loire-Tal, die Vorfreude ist groß. Natürlich ist der Verein auch immer einsatzbereit, wenn die Gemeinde das erwartet. Die Zusammenarbeit mit den anderen Vereinen klappt auch bestens, schließlich ist Präsident Rol Schmit auch Präsident der Entente der Nospelter Vereine.

**FR** Autrefois, les clubs d'épargne étaient nombreux. Aujourd'hui, le club «Spuerveraïn Aulebäcker Nospelt» vise moins l'épargne et repose avant tout sur la convivialité. Les fêtes du club sont appréciées et bien fréquentées.

*Jadis il existait un club d'épargne dans pratiquement chaque village. Les membres épargnaient toute l'année, p. ex. pour pouvoir s'offrir des vacances bien méritées ou remplacer un frigo arrivé en bout de course. « Bien sûr, un club d'épargne est quelque chose de désuet », reconnaît volontiers Rol Schmit, président du club d'épargne de Nospelt, « mais la vie de notre club nous plaît et nous apprécions les moments de convivialité ».*



## 32 Mitglieder / 32 membres

### Mitgliedsbeitrag / Cotisation 10 €

Neue Mitglieder zahlen einmal 40 € und haben dann direkt Zugang zu allen Leistungen des Vereins.

*Les nouveaux membres paient une fois 40 €, puis obtiennent un accès direct à toutes les prestations du club.*

### Komitee / Comité

7 Mitglieder, Treffen: 10-mal im Jahr, immer mittwochs

*7 membres, qui se rencontrent 10 x par an, les mercredis*

### Kontakt / Contact

Rol Schmit  
Tel. : +352 661 30 99 44  
E-mail: schmitrol@gmail.com

## L'ÉPARGNE, AUJOURD'HUI ET AUTREFOIS

Le club d'épargne a été fondé le 20 janvier 1979 au café Bonifas à Nospelt. La « tirelire » du club y a été accrochée, une caisse, confectionnée à la main, dans les règles de l'art, comportant 49 numéros et 50 compartiments - un pour chaque membre. Le 50<sup>e</sup> compartiment est réservé aux dons et les bienvenus ! Chaque membre épargnait un montant minimal prédéterminé et le plaçait dans son compartiment ; l'argent épargné était versé chaque mois sur le compte du club. En mai, c'était le moment d'ouvrir la caisse : une petite obole et les intérêts restaient dans la caisse du club, le reste était versé à l'épargnant.

Aujourd'hui, les membres du club ont cessé d'épargner, mais la caisse avec les 49 numéros occupe une place d'honneur dans la maison du président. Mais si l'occasion se présentait - c.à.d. si un café de la localité se proposait d'accueillir le club et la tirelire - alors l'ancienne tradition de l'épargne pourrait tout à fait renaître à Nospelt.



## LA CONVIVIALITÉ AVANT TOUT

L'objectif du club est de cultiver la convivialité. « Les fêtes que nous organisons se sont bien implantées », se réjouit Rol Schmit. Trois grandes manifestations figurent au programme chaque année.

En mars, la soirée « Kéisowend », qui se tient au Centre culturel de Nospelt, permet de découvrir et de savourer une très grande sélection de fromages. En juin, la place de l'église accueille un barbecue ouvert à tous. En octobre, la soirée traditionnelle « Hierkenowend », très appréciée du public, met à l'honneur les harengs marinés et se tient au Centre culturel de Nospelt.

